ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 01/12/2022

Rapport vun der Jugend Kommissioun

Presenzen

Present	Net present
Marie Sadler	Jill Duschinger
Patrick Lucas	Nathalie Simon
Patrick Cincis	Miguel Moreira Cardoso
Tessy Arend	
Lynn Mangen (Redaktioun vum Rapport)	

Rapport vum Ordre du jour Jugendkommissioun 22.11.2022

1. Feed-Back Kürbis dekoréieren

- Mir haten am ganzen 90 Kürbissen bestallt an 83 Kanner waren bei eiser Aktivitéit dobäi. Aus Plazmangel hunn mir ongeféier 15 Kanner missen ofsoen. Dofir wier et gutt d'Aktivitéit nächst Joer an der Koll ze Brouch ze organiséieren.
- Et goufen 4 Set'er fir ze schnitzen bestallt, dëst ass definitiv net duer gaangen. Ausserdeem haten ma 4 Set'er fir ze molen. Dëst war ok.
- Eis Kaffi's Stuff war gutt ukomm, sou wei och d'Molbiller fir d'Kanner, déi méi séier mam Kürbis schnitzen fäerdeg waren.
- Nächst Joer, misst een och oppassen, dass d'Flyeren an den Klassen gläichzäiteg ausgedeelt ginn, sou dass jiddereen d'Chance huet sech mat Zäiten unzemellen.

Helperknapp, 01/12/2022

- Am groussen Ganzen kann een awer soen dass d'Feedbacken all positiv waren. Mir soen jidderengem Merci deen matgemaach huet.
- D'Jugendkommissioun fënnt et wichteg d'Kürbis dekoréieren nächst Joer nach eemol ze organiséieren.
- Datum vum nächsten Kürbis dekoréieren: **21 Oktober 2023 vun 14:00-16:00** am léiwsten an der Koll.

2. Feedback vun der 3. Alter-Kommissioun

D'Marie an den Patrick waren an eng Versammlung vun der Kommissioun vum 3ten Alter. D'Memberen vun dëser Kommissioun haten d'Idee Jonk an Aal zesummen ze bréngen. Dëst duerch Aktivitéiten wei zB lëtzebuergesch Rezepter vun fréier zoubereeden. Sie haten dobäi un déi Jugendlech vun 14-18 Joer geduecht. Mir als Jugendkommissioun stellen eis dat schwiereg viir an wëssen net ob genuch Jonker bei sou Aktivitéiten matmaachen géifen.

Et wier villäicht eng Alternativ mat dëser Idee bei d'Elterevereenegung oder bei Jugendhaiser ze goen.

3. Feedback Walen

D'Marie hat eisen Buergermeeschter gefrot, wéi sech d'Walen op d'Jugendkommissioun auswierken. D'Jugendkommissioun ass keng obligatoresch Kommissioun. Dat heescht et kann keen zu 100% garantéieren, dass et déi Kommissioun nach nächst Joer gëtt. Et kann sinn dass Léit déi op der Lëscht sinn

Prioritéit kréien fir sech an eng Kommissioun ze mëllen. Mee den Schäfferot kann och decidéieren dass d'Memberen vun der Kommissioun bleiwen.

Vu dass mir eisen Open Air Kino erëm organiséieren wollten, deen awer réischt no den Walen ass, huet d'Marie dëst och nogefrot. Laut dem Buergermeeschter kennen mir des Evenement erëm organiséieren.

4. Feedback ROI

D'Memberen maachen sech nach eng Kéier Gedanken iwwert den ROI.

5. Divers

- Den Open Air Kino fënnt nächst Joer den 21-23 JULI statt.
- Mir wollten een Ofschloss iessen am Dezember organiséieren: den 13ten oder den 14ten Dezember 2022. Jidderee bezuehlt séin Deel selwer.
- Eis nächst Versammlung wäert am Januar sinn.